

Colonies de Vacances Young Caritas



Programme 2016



www.youngcaritas.lu

YOUNG VACANCES,
BENEVOLAT
& YOU
CARITAS

 caritas
Jeunes & Familles



Les vacances avec Young Caritas

Chers parents, Chers participants,

Chaque année « Young Caritas » de l'a.s.b.l. Caritas Jeunes et Familles propose diverses colonies pour enfants et adolescents. Ces colonies ne sont pas uniquement inoubliables de par les destinations proposées mais également par l'engagement bénévole des moniteurs qui mettent sur pied et font fonctionner les colonies.

Notre philosophie ?

Nous sommes d'avis que chaque enfant et chaque jeune a le droit de vivre l'expérience d'une colonie de vacances, de s'amuser avec des personnes de son âge et de revenir des souvenirs plein la tête.

Peu importe le revenu de tes parents, tes origines, le fait que tu aies un handicap ou non. Nous accueillons **tout enfant et jeune âgé entre 4 et 17 ans** habitant le Grand-Duché ou la Grande Région.

Les colonies de vacances de « Young Caritas » s'adressent donc directement à toi !

Il existe des **colonies de sport d'hiver** ou bien encore de **sport nautique**. Nous proposons aux amoureux **de la nature** une immersion totale dans une forêt européenne. N'oublions pas les colonies remplies d'excursions plus intéressantes les unes que les autres ou encore de fascinantes **découvertes culturelles**.

Nous voulons te faire découvrir ce petit pays qu'est le Luxembourg et qui cache des lieux bien sympas, mais aussi la France, l'Allemagne, ...

Nous t'offrons la possibilité de faire de **nouvelles connaissances**, voir de te faire de nouveaux ami(e)s, de développer des ressources que tu ne soupçonnerais pas en toi et de faire un tas de **nouvelles expériences** ensemble.

Découvre dans ce dépliant les prochaines dates de nos colonies et n'hésite pas à nous contacter directement pour avoir plus d'informations.

Que faut-il savoir ?

Les moniteurs dirigent, organisent et mettent sur pied les colonies pendant leur temps libre et mettent ce temps à disposition des enfants et des adolescents pour leur permettre de passer d'inoubliables vacances. Il s'agit de bénévoles ayant suivi les formations animateurs.

Le prix d'une colonie comprend les frais suivants : le transport, le logement, les repas et les diverses activités.

Réductions :

Avec « Young Caritas » **tout le monde peut partir en vacances**. C'est pour cette raison que les parents d'enfants ou adolescents issus de familles à faible revenu ont la possibilité de solliciter une réduction partielle ou totale du prix de la colonie.

Deux possibilités :

1. Réduction Caritas : Les familles à faible revenu et à endettement élevé peuvent bénéficier de réductions. Pour plus d'informations, n'hésitez pas à nous contacter
(Tél. : +352 36 74 68 / info@youngcaritas.lu)
2. Le Chèque Service Accueil : Les enfants de moins de 13 ans possédant une carte « Chèque Service » peuvent utiliser celle-ci afin qu'une réduction par colonie leur soit accordée.

Tous les dossiers sont traités avec discrétion !

L'équipe de Young Caritas



Vakanzen mat Young Caritas

Léiw Elteren, Léiw Participanten,

All Joer bitt Young Caritas vu Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l vill verschidde Kolonie vir Kanner a Jugendlecher un. Des Kolonie ginn net nëmmen duerch en uspriechend Vakanzenzil onvergiesslech mä och duerch ënnerschiddlech fräiwëlleg Moniteuren déi dat ganzt leeden a gestalten.

Eis Philosophie?

Mir sinn der Meenung dass **all Kand an all Jugendlechen** d'Recht drop huet mat Gläichaltreger Spaass ze hunn, eng super Vakanz ze verbréngen an einfach d'Experienz vun enger Kolonie mat ze erliewen.

Ganz onofhängeg vum Gehalt vun dengen Elteren, deng Originen, op s du mat oder ouni Behënnerung liefs... Mir heeschen **all Kand an Jugendlechen tëscht 4 an 17 Joer**, deen zu Lëtzebuerg oder an der Groussregioun wunnt, Wëllkomm!

D'Vakanzkolonien vun „Young Caritas“ rüchten sech also un dech!

„Young Caritas“ bidd dir **Wantersport-** oder **Waassersportkolonien** un. Vir déijéineg déi gärén **an der Natur** sinn bidde mir ganz flott Kolonien an den verschiddensten Europäesch Bëscher. Wann's du awer léiwer **nei Entdeckungen** an/oder **kulturell Ausfluch** méss fënns du dat och béi eis!

Mir wëllen mat dir zesummen flott Plätzen hei zu Lëtzebuerg entdecken, mee och an Frankräich, Däitschland an nach vill aner Länner.

„Young Caritas“ gëtt dir d'Méiglechkeet nei Leit kennen ze léieren, **nei Frëndschaften** ze maachen, **nei Experienzen** ze erliewen an dech selwer besser kennen ze léieren.

Kuck dir eis Broschüre un vir déi nächst Kolonien kennen op ze schreiwen an zéck net dech bei eis ze mellen wann s du nach Froen hues.

Gutt ze wëssen?

D'Moniteure leeden, organiséieren a gestalten d'Kolonien an hirer Fräizäit an investéieren hier Fräizäit vir de Kanner a Jugendlechen eng Vakanz ze erméiglechen. An der Regel sinn dëst Studenten/innen déi eng Formatiou vir „Animateur“ ofgeschloss hunn.

De Präis vir un enger Kolonie deel ze huelen setzt sech zesummen aus: dem Transport, dem Logement, d'Verfléegung an di eenzel Aktivitéiten.

Präislech Virdeeler/ Réductioun:

Bei Young Caritas **kann jiddereen d'Méiglechkeet kréie vir mat ze goen** och déi Kanner oder Jugendlech aus sozial schwaache Familien. Aus dësem Grond huet een d'Méiglechkeet op folgend Ufroen:

1. Caritas Reductioun: Déi Familien déi sozial schwaach sinn an héich Verscholdungen hunn, kenne präislech Virdeeler kréien. Bei weidere Froe kennt dir eis gäre kontaktéieren
(Tel.: 36 74 68 / info@youngcaritas.lu)
2. Chèque Service Accueil: Déi Kanner ënner 13 Joer déi eng „Chèque Service“ Kaart hunn, kënnen des benotze vir eng Reductioun pro Kolonie accordéiert ze kréien.

All Dossier gëtt vertraulech behandelt!

D'Young Caritas Team



Kanner op Ski



DESTINATION	DATE	PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
Les Mosses (CH)	06/02 → 13/02/2016	36	8-12 ans	620 € (+70 € loc.)

Les Mosses-Leysin mat 100 km Pisten waard drop vun Dir entdeckt ze ginn! Zesummen wunnen mir an engem Chalet direkt op der Pist, wat eis moies erméiglecht Ski unzedeoen, an schonn geet et lass. Owes kann een esou nach den Dag ofschléissen andeems een hannert dem Haus nach Schlitt fueren kann. Eis Ufänger kommen och voll op hier Käschten well si direkt nieft eisem Chalet kenne hir eicht Versuch op de Ski maachen. Mat coolen Spiller a spannenden Geschichten, schléissen mir den Dag of! Sief dobäi a free dech op eng erliefnisreich Woch am Schnéi!

Les Mosses-Leysin avec 100 km de pistes, attendent d'être découverte! Logés dans un chalet sur la piste de ski, le départ matinal se fait évidemment à ski. Après la dernière descente le soir, il y a encore assez de temps pour jouer dans la neige ou faire de la luge! Les débutants pourront faire leurs premiers essais sur la piste qui leur est réservée à côté du chalet. Nos moniteurs t'aideront à faire tes premiers pas sur skis ou à te perfectionner. Nous terminerons les journées avec de nombreux jeux et une histoire captivante! Prépare-toi pour la piste et viens passer avec nous une semaine géniale dans la neige!



Snowriders



DESTINATION	DATE	
Saas-Fee (CH)	06/02 → 13/02/2016	
PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
25	13-17 ans	750 € (+110 € loc.)

Du wëlls an den Schnéi? Du fiers gär Ski? Egal ob „Pistensau“, Ufänger oder eppes dertéscht, bei eis kënns du op deng Käschten – d'Skifueren steet am Mëttelpunkt vun dëser Kolonie. Vum Haus „Granit“ zu Saas-Grund, wou mir schloufen, aus kommen mir ganz liicht an d'Skigebidd mat 100 km Pisten vun allen Schwierigkeetsgraden, an iwwer 4000 Meter héich vergletschert Bierger an dem heichsten Dreihrestaurant vun der Welt. Op der Sonnenterrasse kann een op 3500 Meter den wäiten Bléck op Bierger an d'Gletscherwelt genéissen. A wann mer owes heem kommen, ass nach laang net Schluss. Fir den „Après-Ski“ loossen eis Moniteurs sech ëmmer nees eppes Neies afalen, Spaß ass garantiéiert! An, virwëtzeg? Dann mell dech séier un, an enger eenzegartegeger Kolonie steet näischt méi am Wee.

Tu veux partir dans la neige? Tu aimes faire du ski? N'importe si tu es déjà un pro, avancé ou débutant, tu y trouveras ton compte – le ski est au centre de cette colonie de vacances. Le domaine skiable de Saas-Fee est facilement accessible depuis le chalet « Granit » ou nous séjournons. Plus de 100 km de pistes pour tous les niveaux, des glaciers avec des sommets de plus de 4000 mètres et le plus haut restaurant tournant du monde lui donnent le nom de « Perle des Alpes »! Sur la terrasse panoramique à 3500 mètres on plonge dans un décor surnaturel...

Lorsque le jour se couche, nos moniteurs/trices se feront un plaisir de préparer des soirées inoubliables. Si tu es devenu curieux, n'oublies pas de t'inscrire et rien ne s'oppose plus à un séjour unique.



YOUNG CARITAS

OUSCHTERVAKANZ / VACANCES DE PÂQUES

Den Hues op de Ski



DESTINATION	DATE	PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
Saas-Fee (CH)	26/03 → 02/04/2016	25	8-12 ans	725 € (+100 € loc.)

Ween well eng onvergiesslech Skivakanz aliewen? Während engem gudden Deel vum Dag fueren mir all zesummen Ski. Dobäi suergen d'Moniteur/-ricen déi ganzen Zäit vir Spaass an Action. Dann ass Saas-Fee genau richtig, mat méi wei 100 km Pisten vun allen Schwieregkeetsgraden, an iwwer 4000 Meter héich vergletschert Bierger an dem heichsten Dreihrestaurant vun der Welt. Op der Sonnenterrasse kann een op 3500 Meter den wäiten Bléck op Bierger an d'Gletscherwelt genéissen. Net vir neicht schwätzt en am Süden vum Kanton Wallis an der Schweiz, vun „Die Perle der Alpen“!

Pendant tout le séjour, tu feras du ski avec tes amis de la colonie. Au coucher du soleil, nos moniteurs/trices se feront un plaisir de te faire passer des soirées inoubliables. Ceux qui veulent vivre des moments fabuleux doivent nous suivre à Saas-Fee, au sud du canton du Valais en Suisse: plus de 100 km de pistes pour tous les niveaux des glaciers avec des sommets de plus de 4000 mètres et le plus haut restaurant tournant du monde lui donnent le nom de « Perle des Alpes » ! Sur la terrasse panoramique à 3500 mètres on plonge dans un décor surnaturel...



Powderdays



DESTINATION	DATE
Saas-Fee (CH)	26/03 → 02/04/2016

PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
25	13-17 ans	750 € (+110 € loc.)

Hues du Loscht mat alen an neien Kollegen deng Ouschtervakanz am Schnei ze verbréngen? Dann komm mat op Saas-Fee!

Am Süden vum Kanton Wallis an der Schwäiz, wäerten mir eng Woch laang op iwwer 100 km Pisten eisen Spaass um Snowboard oder op de Ski hunn. Ufänger nemen Ski!

Mee net nemen dat! Op 3500 meter wäerten mir op enger grousser Terrasse den wonnerschéinen Bléck op Bierger genéissen, den Gletscher besichen oder am Whirlpool entspannen woubäi owes och émmen eppes um Programm steet. Dëst an nach villes méi erwaard dech op der „Powderdays“. Eis Begleeder freeën sech schonn dech dobäi ze hunn

Envie de passer tes vacances de pâques dans la neige avec des amis et de rencontrer de nouvelles personnes de ton âge ? Alors viens avec nous à Saas-Fee !

Au sud du Canton du Valais en Suisse, nous allons passer une semaine sur nos skis ou Snowboard et profiter des plus de 100 km de pistes skiables. Débutants seulement Ski.

Mais pas seulement ! À quelques 3500 m d'altitude nous pourrons profiter de la vue imprenable sur les montagnes et les glaciers. Le soir des activités diverses sont bien évidemment au programme.

Voilà ce qui t'attends lors de la colonie « Powderdays ». Nos moniteurs se réjouissent déjà de pouvoir t'accueillir !



YOUNG CARITAS

OUSCHTERVAKANZ / VACANCES DE PÂQUES



Et war eemol...



DESTINATION		DATE
Liefrange (L)		28/03 → 01/04/2016
PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
20	7-10 ans	200 €

Do bass du jo! Genau no dir hunn ech gesicht!

En mutegt, kingt an abenteuerlestegt Kand dat mech begleet, an en Land dat weit fort ass, wou lauter Raiber an Geforen op dech waarden. Awer och an en Land, mat wonnerschéinen Schätz an Räichtum. Op eiser Rees wäerten mir villen Leit begéinen déi eis Hëllef brauchen wei z.B den Aladdin, dem Scheherazade, dem Sultan an nach villen méi.

Il était une fois...

Te voilà enfin ! Oui c'est toi que je cherche !

Un enfant courageux, audacieux et aventurier qui puisse m'accompagner vers un pays lointain et ou une bande de voleurs et des aventures t'attendent. Mais aussi un pays avec des trésors sublimes et une richesse incomparable. Pendant notre voyage nous allons rencontrer beaucoup de personnages qui ont besoin de notre aide, Aladin, Scheherazade, le Sultan et beaucoup d'autres...



Mëttelaltercolonie



DESTINATION	DATE	PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
Liefrange (L)	17/07 → 23/07/2016	20	8-12 ans	280 €

Gesicht!!! Lufizia Mellark

Säit den Moien gëtt zu Léifreg déi schrecklech geféierlech an mächtig Hex gesicht. Sie gëtt wéinst onzielechen schlëmmen Doten ugeklot, net fir lescht well si eisen Kinnik verschleeft huet.

Deen den se gesinn huet soll sech sou séier wei méiglech bei „der Tafelrunde“ mellen! Mir weisen ausdrécklech doropshin net ze probéieren et alleng mat hier opzehuelen, well déi schwaarz Muecht déi si ëmgëtt, sech schnell op anerer kann iwwerdreien. Wëlls du eisen daperen Ritter an Duerfbewunner hëllefen, den Lufizia Mellark ze fannen, dann mell dech séier un, befier et ze spéit ass.

Avis de recherche pour Lufizia Mellark !!!

Depuis ce matin on cherche à Liefrange une sorcière extrêmement dangereuse et puissante. Elle est accusée de sorcellerie et de crimes inhumains, parmi lesquels l'enlèvement de notre bien-aimé Roi.

Celui ou celle qui a aperçu cette sorcière, est appelé à contacter urgemment l'un des membres de la table ronde!

Nous souhaitons, explicitement, avertir à ne pas prendre d'initiative de capture ! La magie noire en elle peut envahir tous ceux qui l'entourent ! Si tu souhaites venir aider nos chevaliers courageux et le village à capturer Lufizia Mellark, alors n'attends pas et inscris-toi avant qu'il ne soit trop tard !



Mini-Léifreg



DESTINATION	DATE	PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
Liefrange (L)	25/07 → 29/07/2016	14	4-6 ans	210 €

Dës Kolonie spillt sech an enger klenger a familiärer Atmosphär of, a gëtt de Kanner d'Méiglechkeet lues a lues an d'Welt vun de Kolonien eran ze kucken. Huet äert Kand Loscht op eng kuerz mä intensiv Zäit ënner Gläichaltregen? Dann ass dëst genau dat richteg. Duerch flott Geschichten léiere d'Kanner mat vill Spill a Spaass nei Welte kenne woubäi se hirer Fantasie freie Laf loosse kennen.

Cette colonie se déroule dans une atmosphère familiale et permet aux enfants de faire tout doucement connaissance avec le monde des colonies de vacances.

À travers des histoires fantastiques votre enfant va passer un séjour court mais intense avec des enfants de son âge ! Ne reste plus qu'à nous rejoindre alors ! À travers des jeux amusants, les enfants découvriront de nouveaux mondes et apprendront à laisser libre court à leur fantaisie.



Hike & Adventure



DESTINATION		DATE
Luxembourg		30/07 → 06/08/2016
PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
16	10-13 ans	300 €

Eng Rees duerch vill entdeckte Bëscher a Weeër vun eisem lëtzebuurger Land mat engem Lagerfeier oder enger Iwwernuechtung dobaussen ënner fräiem Himmel, alles dat kënnst Dir hei erliewen.

De Rucksak op de Réck a lass geet et, op mam Vëlo, Kayak oder ze Fous, mir sinn ëmmer ënnerwee. Op enger Plaz ukomm, präparéiere mir eis Zelter a genéissen eng Nuecht dobaussen an der Natur...

Hues du Loscht e puer Deeg voller Spannung an „Action“ an eisem Klengem lëtzebuurger Land, da bass du hei genau richtig!

Un voyage à travers les belles forêts luxembourgeoises, un feu de camp crépitant ou encore une nuitée au clair de lune ? C'est ce que nous vous proposons de vivre avec nous !

Avec notre sac sur le dos, à pied, à vélo ou sur un kayak, nous serons tout le temps en vadrouille. Arrivés à la destination, nous déploieront nos tentes et nous apprécierons de passer une nuit de repos à la belle étoile et dans la nature...

Si toi aussi tu as envie de passer quelques jours d'aventure dans notre pays, rejoins-nous !



Spill a Spaass



DESTINATION		DATE
Liefrange (L)		31/07 → 05/08/2016
PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
20	6-8 ans	280 €

Andauernd an iwwehall geschitt eppes. Mee néierens geschéien sou komesch Saachen wei hei zu Léifreg. Mir hunn en Kobold am Haus! Ëmmer rëm verschwannen Saachen, et falen Dëppen aus dem Regal oder et héiert een komesch Geräischer.

Komm an hëllef eis des Onrou ze stoppen, an dem Kobold op d'Spuer ze kommen. Komm an erlief spannend Iwwerräschungen an eemoleg Aventuren mat neien Frënn! Waard nët nach laang, an mell dech un!

Il n'y a pas une minute de repos sans qu'il ne se passe quelque chose. Mais c'est à Liefrange que se passent les choses les plus bizarres. Dans notre maison, se cache un goblin. Sans arrêt des choses disparaissent, des marmites tombent par terre ou l'on peut entendre des bruits bizarres...

Vient et aide nous à arrêter ce chaos et découvrir ce petit goblin. Vient et découvre des surprises palpitantes et des aventures uniques avec des nouveaux amis ! N'attends pas plus longtemps et inscris-toi !



Léifreg Aktiu



DESTINATION	DATE	PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
Liefrange (L)	21/08 → 28/08/2016	20	8-12 ans	360 €

Hues du Loscht op puer spannend an intensiv Deeg mat Gleichaltrigen ze verbréngen éier d'Schoul erëm lassgeet? Dann ass des Kolonie genau dat richtegt fir dech. Wolts du schonn ëmmer eng kéier um Stau schwammen oder

Mountainbiké fueren? Klamen goen, Bowling spillen oder een spannenden Dag am Héichseelgaart erliewen dann maach mat! Doniewent gesinn mer, bis lo nach unbekannt Ecker vun eisem schéinen Land vun ganz no. Mir bleiwen ni laang op enger Platz, well langweil huet hei näscht verluer.

Tu as envie de passer des journées captivantes et intenses avec des personnes de ton âge ?

Alors cette colonie est faite pour toi ! Tu as toujours eu envie de nager au lac de la Haute Sûre ou de faire du vélo ? Faire de l'escalade, du bowling ou vivre une journée à te couper le souffle dans les arbres ?

Ensemble, nous allons découvrir de très près des endroits encore méconnus de notre beau pays. Nous ne restons pas longtemps au même endroit car l'ennui n'a pas sa place ici.

Adventure Camp 07

**NEU!
NOUVEAU !**

DESTINATION	DATE	PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
Vallon Pont d'Arc / Ardèche (F)	18/07 → 29/07/2016	20	14-17 ans	600 €

Survival Camp? Canyoning? Hiken? Duerch de Floss schwammen? Am Zeltcamp iwwerliewen? Liewen um Limit? Fills de dech ugesprach? Ok ganz sou krass ass eis Kolonie dann awer net. Wanns du awer trotzdem Loscht op eng Vakanz hues, déi Abseits vum Mainstream ass, dann bass de bei eis richteg. Zesummen fueren mir an d'Ardèche an een Zeltcamp, deen matten an der Natur leit. Schwammen, Kanu fueren, Wanderungen... alles ass dobäi! Des Kolonie bidd eng gutt Mëschung tëscht sportlechen Aktivitéiten, relaxen Deeg an kulturell Trips duerch historesch franséischt Stied. Loscht mat eis dësen Adventure Trip ze maachen? Da mell dech elo un!

Survival Camp? Canyoning? Hike? Survivre seul en pleine nature? Dépasser tes limites? Ça t'intéresse? D'accord, soyons honnête, peut-être on a un tout petit peu exagéré. Mais si tu as envie de passer des vacances extraordinaires dans le sud de la France et plus précisément dans le merveilleux département de l'Ardèche et bien, alors « l'Adventure Camp 07 » de Young Caritas est LA colonie de vacances idéale pour toi. On y campera sur un site unique en pleine nature. Baignades, randonnées, canoë, canyoning... et plein d'autres activités inoubliables t'attendent! Cette colonie est le mélange parfait entre aventure et détente. Des activités sportives, des journées relaxes et des visites des plus belles villes historiques de France sont au programme. Enfin bref, inscris-toi !



Camargue



DESTINATION	DATE	PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
Frontignan (F)	29/07 → 10/08/2016	40	13-16 ans	850 €
Frontignan (F)	09/08 → 19/08/2016	40	8-12 ans	765 €

Am Süde vu Frankräich, méi genau zu „Les Arésquiérs“ nieft Frontignan, ass eng vun de Summerkolonien. Hues du Loscht op zwou Woche Sonn, Strand a Waasser? Dann ass dat hei deng Kolonie? Doniewent bidd des Kolonie vill sportlech Aktivitéiten, Spiller, Animatioun um Strand a kulturell Besichtigungen. Net ze vergiesse ass den Programm vun den sëllechen Waasseraktivitéite wei Katamaran oder Segelsurfen, di vun ausgebildete Moniteuren ofgehalde ginn.

La Camargue est notre colonie traditionnelle du Sud de la France, aux Arésquiérs près de Frontignan. Tu as envie de passer deux semaines inoubliables au bord de mer? Avec au programme jeux et animations sur la plage, ateliers de bricolage, activités sportives et visites culturelles? Et si on ajoute à cela le sport nautique? Des cours de catamaran et de planche à voile dirigés par des moniteurs qui ont suivi les formations nécessaires...

Envie? Alors rejoins-nous pour un super voyage dans le Sud de la France!



Rappenhof



DESTINATION	DATE	PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
Gschwend (D)	30/07 → 13/08/2016	30	8-12 ans	685 €

Am Naturschutzgebitt vum „schwäbischer Wald“ fénnt all Kand eppes vir seng Interesse. Op am ganze 14 Hektar ginn et vill verschidde Saachen ze entdecken, op dat Déieren, Baachen oder verstoppte Plazen am Bësch sinn. Zousätzlech bitt de „Rappenhof“ all Dag een Zirkusatelier un, wou d’Kanner jongléieren, Akrobatik oder Kurellaf bäibruucht kréien. Des Ateliere gi vu ausgebildeten Traineren geleet an iwwerwaacht. Do nieft ginn et nach vill verschidden Déieren ze betreien an Aktivitéiten ze meescheren.

Le Rappenhof, c’est un site unique en Allemagne! Il se trouve en pleine nature dans la réserve naturelle de la forêt souabe. Un endroit idéal pour chaque enfant! Sur quatorze hectares, il y a une plénitude de choses à découvrir: animaux, rivières et endroits secrets en forêt. En plus, le «Rappenhof» propose quotidiennement des ateliers de cirque où chaque enfant peut s’entraîner à des techniques tels que la jonglerie ou encore l’acrobatie. Sous la surveillance et avec l’aide d’entraîneurs formés, tu pourras devenir maître de la pirouette ou encore équilibriste.



Interrail Trip 3.0



DESTINATION		DATE
à découvrir		13/08 → 27/08/2016
PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
16	15-17 ans	875 €

Och däst Joer, zéien mir mat engem „Interrail“ Zuchticket iwwert den europäeschen Kontinent fir nei Stied an Länner kennenzéieren. Zesummen mat dengen Frënn kanns du hei esou gutt nei Kulturen ewéi och spannend Staatspiller erliewen an och gemittlech Owender verbréngen. Bas du interesséiert? Dann mell dech elo schonns fir den August un! Wou et higeeet, dat bleift elo mol nach eist Geheimnis...

Avec le billet de train « Interrail » nous auront l'occasion de découvrir, pendant deux semaines, de nouveaux pays et de nouvelles villes. Ensemble avec tes nouveaux amis tu apprendras à connaître de nouvelles cultures, tu participeras à des jeux de ville et tu passeras des soirées décontractées. Cette aventure t'intéresse ? Alors inscris-toi rapidement pour cette aventure en août ! La destination ? Pour l'instant cela reste notre secret...



De Wonnerbesch



DESTINATION		DATE
Liefrange (L)		31/10 → 04/11/2016
PARTICIPANTS	ÂGE	PRIX
20	7-11 ans	180 €

An den Deeg em Halloween geschéien wei al Joer erëm mysteriéis Saachen um Marjaashaff... Och an den Bëscher ronderëm den Stauséi sinn komesch Gestalten gesinn ginn. Nuets kann een am Duerf komesch Geräischer héieren... Wëlls du rausfannen wat et domat op sech huet? Dann waart nët laang a sief dobäi wann et op Halloween zu Léifreg den Wonnerbësch wakereg gëtt.

Tous les ans à Halloween, des choses mystérieuses se passent au Marjaashaff... on aurait même pu voir des personnages bizarres dans les Forêts avoisinantes du Lac. La nuit au village on entend des bruits étranges.

Tu veux découvrir ce qui se cache derrière tous ces mystères ? Alors n'attends pas et sois de la partie quand à Halloween, la forêt des miracles se réveille...



Bénévolat Solidaire by Young Caritas

Du wëlls an enger besserer Welt liewen?
Mat Kreativitéit. Mat Mënschlechkeet.

Young Caritas bitt dir eng eemoleg Geleëenheet: duerch kuerz Projeten oder ee längert Engagement anere Mënschen eng Freed ze maachen, déi net sou gutt dru sinn. Du selwer entscheets. Du kanns och eppes total Geckeges maachen: ee Flashmob, ee Lipdub, ee Social camp. Oder du schléiss dech deene ville Jonken un, déi schonn eppes maachen. No limits for your creativity.

Intéresséiert heizou weider Info'en ze kreien? Dann besich eis op www.youngcaritas.lu oder op eiser Facebooksait "Young Caritas Luxembourg".

*Tu veux contribuer à bâtir un monde meilleur ?
Creativity. By humanity.*

Young Caritas te propose de participer à des projets courts ou à des engagements plus longs pour faire plaisir à des personnes dont le quotidien n'est pas toujours rose. C'est toi qui décides ! Tu peux aussi faire quelque chose de complètement fou : un flashmob, un lip dub, un camp de vacances solidaire, ... Sinon tu peux aussi rejoindre les autres jeunes qui ont déjà un projet en cours. No limits for your creativity.

Intéressé à obtenir de plus amples informations ? Alors suis-nous sur Facebook (Young Caritas Luxembourg) ou sur notre site www.youngcaritas.lu





D'Spillmobil...



... ass eng grouss blo Camionnette gefëllt bis uerwenhin matt flotten Spillsaachen. Dozou gëtt et dann och nach en Baumobil matt senger flotter Bewegungsbaustell.

Eis Aktivitéiten sinn souwuel Bewegungsspiller, Spiller mam Fallschirm, Gesellschaftsspiller am XXL-Format, Konstruktionsspiller an pädagogesch Kofferen (wie z.B. Kniwwelen, Experimentéieren an en Zirkus).

Mir „spillen“ an Maison Relaisen, Crèchen, op Summerfester an Porte-Ouverten. Och eis Themendeeg an gréisser Animatiounen um Marjaashaff sinn ëmmer rëm eenzegarteg. Mir bidden moosgeschneidert Spillaktiounen fir jiddereen un. Fir eng privat Feierlechkeet kann een sech eng matt Spillsaachen gefëllten Remorque bei eis ausleinen.

Fir esou Aktiounen brauchen mir ëmmer erëm jonk Leit dei eis ënnerstetzen a begleeden. Dat ass eppes fir dech an Du wëlls méi wëssen?

Da kuck op eisem Site www.youngcaritas.lu, do ginn ët weider Informatiounen oder schreiw eis eng mail op spillmobil@youngcaritas.lu


Notre « Spillmobil » est une grande camionnette bleue, pleine de jouets remplis jusqu'au plafond. S'y ajoute notre « Baumobil » avec son chantier mobile pédagogique.

Nos activités comportent des jeux de motricité, activités avec un parachute, de grands jeux de société, des jeux de construction et des coffrets pédagogiques (p.ex. cirque ou expériment)

Nous « jouons » dans des maisons relais, crèches, des fêtes d'été et des porte-ouvertes. Même nos journées à thèmes et nos grandes animations au Marjaashaff sont uniques. Nous offrons des jeux actifs pour tout le monde. Pour une fête de famille vous pouvez évidemment louer notre remorque remplie de jeux.

Nous sommes toujours à la recherche des jeunes qui nous soutiennent lors de nos activités. Ça t'intéresse ?

Tu trouveras plus d'informations sur notre site internet www.youngcaritas.lu ou bien écris nous un email : spillmobil@youngcaritas.lu





Résumé

	COLONIE	ÂGE	DATE	DESTINATION	PRIX	MAX. PART.
FÉVRIER	Kanner op Ski	8-12	06/02 → 13/02/2016	Les Mosses (CH)	620 € (+70 € loc.)	36
	Snowriders	13-17	06/02 → 13/02/2016	Saas-Fee (CH)	750 € (+110 € loc.)	25
MARS	Den Hues op de Ski	8-12	26/03 → 02/04/2016	Saas-Fee (CH)	725 € (+100 € loc.)	25
	Powderdays	13-17	26/03 → 02/04/2016	Saas-Fee (CH)	750 € (+110 € loc.)	25
	Et war eemol...	7-10	28/03 → 01/04/2016	Liefrange (L)	200 €	20
JUILLET	Mëttelalter	8-12	17/07 → 23/07/2016	Liefrange (L)	280 €	20
	Adventure 07 (NEW)	14-17	18/07 → 29/07/2016	Vallon Pont d'Arc / Ardèche (F)	600 €	20
	Mini-Léifreg	4-6	25/07 → 29/07/2016	Liefrange (L)	210 €	14
	Camargue II	13-16	29/07 → 10/08/2016	Frontignan (F)	850 €	40
	Hike & Adventure	10-13	30/07 → 06/08/2016	Luxembourg	300 €	16
	Rappenhof	8-12	30/07 → 13/08/2016	Gschwend (D)	685 €	30
	Spill a Spaass	6-8	31/07 → 05/08/2016	Liefrange (L)	280 €	20
AOÛT	Camargue I	8-12	09/08 → 19/08/2016	Frontignan (F)	765 €	40
	Interrail Trip 3.0	15-17	13/08 → 27/08/2016	Destination Mystère...	875 €	16
	Léifreg Activ	8-12	21/08 → 28/08/2016	Liefrange (L)	360 €	20
OCTOBRE	Wonnerbësch	7-11	31/10 → 04/11/2016	Liefrange (L)	180 €	20



Contact et Inscriptions

www.youngcaritas.lu

Facebook : Young Caritas Luxembourg

Tél.: 36 74 68 - 1

info@youngcaritas.lu

Young Caritas

20, rue de Contern

L-5955 Itzig

Adresse postale :

B.P. 35 / L-5801 Hesperange

BCEE LU95 0019 1000 2692 7000

Agréments gouvernementaux :

SECO RNAI FSE 201403/12 et SECO RNAI AA 201403/13